






# Stop Plastik!

## ËMWELTWOCHEN 2019

Vum 4. bis den 9. Mäerz 2019 » **ARTIKUSS**





*Organiséiert vum Schäfferot, dem Ëmweltbüro,*
*der Ëmweltkommissioun an dem Klimateam aus der Gemeng Suessem*

- BIELES
- EILERENG
- SUESSEM
- ZOLWER

GEMENG SUESSEM

# Plastik, eng Gefor fir Mënsch an Ëmwelt



## VIRWUERT

LU Plastik ass an eisem Alldag **omnipräsent**, well en esou praktesch ass. Kee Wonner also, dass een de Plastik iwwerall erëmfënnt, och do wou en net erwënscht ass, *am Iessen, an den Déieren an och am mënschlechen Organismus.* D'Gemeng Suessem thematiséiert dës Problematik an hiren Ëmweltwochen 2019. Mat ville Stänn, Workshoppen a Konferenze wëlle mir probéieren eis Gewunnechten ze änneren.

En europawäit Verbuet vum **Eewee-Plastik** soll an 2 Joer a Kraaft trieden. D'Gemeng Suessem wëll awer elo schonns eppes un der Situatioun änneren an dës Zort Plastik duerch aner Léisungen ersetzen. All Veräin, all Bierger, all Eenzele vun eis kann eppes maachen.

## PRÉFACE

FR Le thème de la semaine de l'environnement 2019 traite de la problématique du plastique. *Les plastiques transformés en micro particules polluent notre planète. Ils menacent la faune et la flore marines et terrestres. L'homme n'est pas épargné par cette pollution massive.* La principale source de matières plastiques qui pollue l'environnement est l'utilisation des articles à usage unique. Pour sa part, la Commission européenne en annonce l'interdiction dans un délai de 2 ans.

La Commune de Sanem veut agir dès à présent et proposer des alternatives à ce type de plastique. Des conférences, des ateliers et une campagne d'information visant à changer le comportement du consommateur seront organisés lors de cette semaine de l'environnement. À nous, citoyens, individuellement et collectivement, de participer à ce mouvement.



*Georges Engel,*
**Buergermeeschter**



*Nathalie Morgenthaler,*
**Schäffin**



*Simone Asselborn-Bintz,*
**Schäffin**



*Marco Goelhausen,*
**Schäffen**



*Gaston Anen,*
**President vun der Ëmweltkommissioun**

MÉ · LU.

# 4





## OUVERTURE & TABLE RONDE

*Moderatioun: Camille Ney*

# "Gemeng ouni Plastik?"

Wéi eng Auswierkungen huet de Plastik op Mënsch an Déier? Ass et méiglech den Eewee-Plastik an de Grëff ze kréien? Geet et duer mat der Sensibiliséierung vun de Bierger? Wat kann eng Gemeng ënnerhuelen a wéi wäit wëll eis Regierung goen? Wéi steet et mat der Verantwortung vum Handel? Fir dësen an och anere Froen op de Grond ze goen, invitéiert d'Gemeng Suessem am Kader vun der Ouverture vun hiren Ëmweltwochen op eng Table Ronde.

### » ARTIKUSS | 18H00

*Iwwersetzung op Nofro / Traduction simultanée sur demande*
***service.ecologique@suessem.lu***

## D'INVITÉEN

**CAROLE DIESCHBOURG**
Ëmweltministesch

**GEORGES ENGEL**
Député-Maire vun der Gemeng Suessem

**TANIA GIBÉRYEN**
Sila.lu, Zero Waste lifestyle

**CHRISTIANE WICKLER**
Geschäftsfra

## AUSSTELLUNG & INFOSTÄNN

*All Visiteur kritt e klengen nëtzleche Kaddo.*

# *“Liewen ouni Plastik”*

Plastik ass aus eisem Alldag net méi ewech ze denken. Villes dovun ass Eewee-Plastik a verschwënnt no kuerzer Benotzung an der Dreckskëscht. Dobäi ass et haut scho méiglech komplett op Plastik ze verzichten. D‘Ausstellung weist Alternativen am Haushalt wéi z.B. an der Kichen, am Buedzëmmer oder Kannerzëmmer, awer och fir ënnerwee.





**» ARTIKUSS**

MÉINDES – FREIDES | **09H00 – 12H00 & 14H00 – 17H00** SAMSCHDES | **14H00 – 18H00**

DË. · MA. **5**



## FORMATIOUN FIR D'LÉIERPERSONAL

*mat der Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.*

# "Schoul ouni Plastik?"

Wat sinn d'Gefore vum Plastik a wéi léisst sech Plastik an der Schoul, am Schoulsak an um Schoulfest vermeiden? Wat fir eng Initiative kënne vum Léierpersonal geholl ginn?

» **ARTIKUSS | 14H00 – 17H00**

## PROGRAMM

**Sea Shepherd**
Plastik, ein globales Umweltproblem

**Ralph Baden, Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement**
Plastik, eine Gefahr für unsere Gesundheit

**Steve Jungen, Aktionsgruppe für Umwelttoxikologie**
Plastik im Schulunterricht

## DISKUSSIOUNEN

**Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.**
Campagne "ech kafe clever"

**SuperDrecksKëscht**
Offallvermeidung an der Schoul

**Oekozenter Paffendall**
Schoulfester ouni Plastik

**SILA**
Mär maachen eis Zännseef selwer

**ASTM – Action Solidarité Tiers Monde**
Plastik und globales Lernen: Drei interaktive Module

**VIRTRAG**

*Jérémie Pichon – www.famillezerodechet.com*

# "Famille presque Zéro Déchet"

MË. ·ME.

6

Réduire ses déchets est le premier geste écologique du quotidien. Mais comment y parvenir? Jérémie Pichon racontera avec humour pourquoi lui et sa famille se sont lancés dans l'aventure zéro-déchet.

Venez assister à cette conférence exceptionnelle et découvrir plein d'astuces pour faire, vous aussi, partie de cette belle aventure.



## DÉROULEMENT

**Conférence en langue française**

**Questions et échange**

**Dédicace livres Famille Zéro Déchet**

**» ARTIKUSS | 19H00**


*Iwwersetzung op Nofro / Traduction simultanée sur demande*

***service.ecologique@suessem.lu***

DO. · JE.

7





## INFO-OWEND

*fir d'Veräiner aus de ProSud-Gemengen.*

# *"Fester ouni Plastik"*

### PROGRAMM

**Georges Engel**
Best practice – Gemeng Suessem

**Oekozenter Paffendall**
EU-Veruerdnung – keen Eewee-Plastik ab 2021

### DISKUSSIOUNEN

**Gaston Anen**
BBC AS Zolwer, Sportveräin ouni Eewee-Plastik?

**SuperDrecksKëscht an Oekozenter Paffendall**
nohaltege Veranstaltungsmanagement



**» ARTIKUSS | 19H00 – 20H30**

*Iwwersetzung op Nofro / Traduction simultanée sur demande*

***service.ecologique@suessem.lu***




FR. · VE.

8



MEET & GREET

*Mir bastele Fuesboken a bitze Fueskostümer.*

## "Fuesent ouni Plastik"

ANIMATIOUN

**Fuesmusek, Face Painting & Degustatioun**

» **EIS EPICERIE** | 16H00 – 19H00


Eis Epicerie
bewosst akafen-gesond liewen Zolwer

SA. · SA.

9

VERANSTALTUNG

# Familljendag





## ANIMATIOUN

### Info- a Verkafsstänn

- Eis Epicerie Zolwer
- Sea Shepherd
- ASTM – Action Solidarité Tiers Monde
- SuperDrecksKëscht
- Sila.lu / CELL / BENU / TABA

### Do It Yourself

- Bitzatelier
- Seefen-Atelier mat ArtSavon
- Upcycling fir Kanner
- Wäschmëttel selwer maachen

**» ARTIKUSS | 14H00 – 18H00**

*Fir lessen an Drénken ass gesuergt. Den Erléis geet u “Gemeng Suessem hëlleft“.*



## PROGRAMM

### Repair Café –
### flécken amplaz vun ewechgeheien!

Bréngt är kleng Elektro-Apparater, Véloen oder Kleeder mat an dir kritt gewisen, wéi se gefléckt kënne ginn. *Fräiwëlleger flécke gratis.*

Repair Café Sanem

### Free your stuff –
### verschenken, wat ee selwer net méi gebrauche kann!

Jiddereen huet Saachen, déi en net méi brauch, déi awer ze schued si fir se ewech ze geheien. Aner Leit siche genau dat a si frou et duerfen ze benotzen. Esou kann ee verschiddene Géigestänn en 2. Liewe ginn.
Bréngt nëmmen esou vill mat, wéi dir selwer droe kënnt. Dat gëllt och fier d'Mat-huelen. Dat wat iwwereg bleift, geet un eis Partner vun den Ëmweltwochen.



### Do It Yourself –
### selwer maachen a Verpackung spueren

Och dës Workshoppe si gratis a weisen, wat ee mat einfache Mëttelen an ouni Chemikalie selwer maache kann. *Loosst Iech inspiréieren a maacht mat.*

# ËMWELTWOCHEN 2019

## Artikuss

| | |
|---|---|
| **04. Mäerz** | Ouverture & Table Ronde – “Gemeng ouni Plastik?” SÄIT 3 |
| **04.-09. Mäerz** | Ausstellung & Infostänn – “Liewen ouni Plastik” SÄIT 4 |
| **05. Mäerz** | Formatioun fir d‘Léierpersonal – “Schoul ouni Plastik?” SÄIT 5 |
| **06. Mäerz** | Konferenz mam Jérémie Pichon – “Famille presque Zéro Déchet” SÄIT 6 |
| **07. Mäerz** | Info-Owend fir d’Veräiner – “Fester ouni Plastik” SÄIT 7 |
| **09. Mäerz** | Familljendag SÄIT 9 |

## Eis Epicerie

| | |
|---|---|
| **08. Mäerz** | Meet & Greet – “Fuesent ouni Plastik” SÄIT 8 |

*D’Ëmweltwoche si klimafrëndlech ze erreechen:*

**VËLO:**
Vël’OK Statioun KUSS

**BUS:**
TICE 15 – Haltestell KUSS

**ZUCH:**
Halt Belvaux/Soleuvre

## PARTNER

Klima-Bündnis Lëtzebuerg

KlimaPakt meng Gemeng engagéiert sech

ARTIKUSS


## IMPRESSUM

**GRAFIK & LAYOUT:**
kousca.com

**PRINT:**
Imprimerie Heintz